# DENG SYPROLUX-KANDIDATEN FIR AN DÉLÉGATION CENTRALE (DC)




**MARC ADAM**
TM



**KEVIN AREND**
TM



**MYLÈNE BIANCHY**
SG



**DAVID BOLLENDORFF**
EI



**ANDRÉ DHUR**
MI



**FRÄNZ DUHR**
MI



**FRANK DUMONT**
AV



**ISABELLE FABER**
II



**NELSON GOUVINHAS COSTA**
MI



**PAUL GRIES**
SF

Als SYPROLUX fuerdere mer:

## A punkto Kommunikatioun

- eng cibléiert Informatioun a Kommunikatioun. Wichteg Messagen, ewéi Notten, Avis'en oder Neifaassunge vu Reglementer musse sichtbar um Intranet publizéiert ginn an einfach ze fanne sinn
- eng besser Koordinatioun a Kommunikatioun tëschent an innerhalb de Servicer

## A punkto Rekrutement & Karriär

- datt d'Mataarbechter gemäss hirem Diplom an der jeeweileger Karriär agestallt ginn,
- d'Aféiere vun enger Prime opérationelle fir Beruffsbiller aus alle Beräicher
- verbessert Opstigsméiglechkeeten am Beräich vum Handwierk iwwert d'Creatioun vun weidere filières spécialisées (z.B dépanneur am TM)
- kloer a uniform Reegele fir d'Attributioun vun engem „poste à responsabilité particulière", déi een als Agent kann no liese goen
- eng Erhéijung vun der Unzuel un „poste a responsabilité particulière" pro Karriär
- d'Attributioun vun deene 5 Punkte Majoration d'échelon fir all d'Kolleg:innen, déi am Endgrad vun hirer Karriär sinn a kee „Poste à responsabilité particulière" hunn (-bis an -ter Graden; A/6ter)
- eng securiséiert Plattforme, wou een déi neisten Versioun vu sämtleche Fiches de poste ka consultéieren
- d'Aféiere vu järleche Mataarbechtergespréicher ouni Sanktiounsmechanismus an ouni Bewäertung

## A punkto Formatioun & Examen

- als SYPROLUX fuerdere mer:
- datt de Diversitéit vun de Sprooche bäibehalen gëtt
- eng Offer u Sproochecours (Franséisch, Däitsch, Englesch, Lëtzebuergesch) fir Defiziter ze behiewen
- datt sämtlech Examensprogrammer an den Oflaf vun Examen op de Leescht geholl an de Posten ugepasst ginn



**NATHALIE KIRPACH**
TM



**MAX KLEER**
BU



**JEAN LEMMER**
IN



**ED MALLINGER**
MI



**LUC PLIER**
EI



**DANIEL SCHILDGEN**
BU



**CHRISTY SCHLESSER**
TM



**PEDRO TAVARES**
AV



**STEVE WATGEN**
PI



**JÉRÔME WEYRICH**
AV

- d'Schafe vun enger securiséierter Plattforme, wou déi aktuell Examensprogrammer zu all Moment zougänglech sinn

**A punkto Gesondheet, Sécherheet a Wuelbefannen op der Aarbechtsplaz**

- e gesonnten Equiliber tëschent Dellzäit a Vollzäitaarbecht
- d'Finaliséiere vun der Neifaassung vun der IG15 an IG33 (astreinte)
- d'Aféiere vun enger onënnerbrachener Rouzäit vun 10 Stonne wärend der Astreinte
- eng Neifaassung vum OG 36, der Prozedur fir Fäll vu Mobbing an Diskriminatioun am Betrib
- d'Aféiere vu Mesurë géint Mobbing, sexuellen Harcèlement an Diskriminatioun op der Aarbechtsplaz
- eng Refonte vum Prozess vun der Prise en charge bei Aggressioun an Accident (IG38) an hier Uwendung an alle Servicer
- Präventivmoossnamen am Fall vu Suchtproblemer a Stress op der Aarbechtsplaz
- d'Iwwerschaffe vun de Reegelen zum Horaire Mobile
- d'Méiglechkeet den CET-Kont mat 10 Stonnen de Mount kennen opzestocken
- d'Iwwerschaffe vun de Bestëmmungen zu de Voyages de Service
- d'Aféiere vum passive Walrecht fir den Hors Statut



**20 STËMME FIR DE SYPROLUX**

**LËSCHT 5**


# Wat der zu de Sozialwalen an zu de SYPROLUX-Kanditat:innen wësse sollt




**MARC ADAM**
TM



**KEVIN AREND**
TM



**MYLÈNE BIANCHY**
SG



**DAVID BOLLENDORFF**
EI



**ANDRÉ DHUR**
MI



**FRÄNZ DUHR**
MI



**FRANK DUMONT**
AV



**ISABELLE FABER**
II



**NELSON GOUVINHAS COSTA**
MI



**PAUL GRIES**
SF

## Sozialwalen 2024 – wichteg Upassungen

- All Agent aus de Servicer AV, BU, EI, MI an TM geet an deem Service wielen an deem hien affektéiert ass.

An zwar onofhängeg vun senger Karriär an sengem Grad. Di vereelsten Reegelung, datt méi héich gradéiert Agente sollen an de Services Centraux mat wiele goe fält domadder ewech. Dës Ännerung, déi op Grond vun engem Virschlag vum SYPROLUX agefouert gouf, huet zesumme bruet, wat zesumme gehéiert.

- All Agent aus dem Cadre Hors Statut huet d'Recht a sengem Service mat wielen ze goen.

Och dës Fuerderung vum SYPROLUX, déi Bestanddeel vun eisem Schreiwes fir eng méi gerecht an attraktiv Personalvertriedung, gouf ëmgesat. Och d'Mataarbechter:innen aus dem Cadre Hors Statut gehéieren zum Zesummeliewen a Schaffe vun engem Service an och si hunn e Recht op eng éierbar Personalvertriedung.


## SYPROLUX-Kandidat:innen

- an der DC triede mer mat 20 Kandidat:innen un
- den Altersduerchschnëtt vun eiser Lescht läit bei 44,15 Joer
- den Dammenundeel läit bei 25%
- 13 Kandidat:innen ginn eng éischte Kéier mat an d'Rennen an der Délégation Centrale

Et ass eng equilibréiert Lëscht aus Erfarung an neien Denkustéiss, déi sech engagéieren d'Interessi vun den Eisebunner:innen di kommend Joer ze vertrieden an ze verteidegen.

## Wat d'SYPROLUX-Vertrieder erreecht hunn:

- d'Aféieren vum Prinzip vun der «culture juste» duerch eng komplett Erneierung vum OG10
- méi Transparenz am Kader vun Enquêten am disziplinaresche Beräich
- d'Recht op en Zeie bei disziplinaresche Gespréicher
- d'Aféiere vum héije Primesaz vun der Prime fir Sonndes-a Nuetsschichte fir Mataarbechter déi op Roulement oder an engem Tableau de Service mat Tiercé schaffen
- fir d'Kolleeg:innen aus dem administrative Beräich gouf den Horaire mobile an de Teletravail agefouert
- d'Ofschafe vun de plages fixes am Horaire mobile
- d'Zäitspuerkonte goufen agefouert
- d'Schicht- an d'Roulementpersonal kruten 8 Fraistonnen fir perséinlech Zwecker (crédit d'heures pour raisons personnelles)
- d'Aféiere vum S-technique




- d'Réckerstattung vun „S", déi zu Onrecht de Mataarbechter:innen agesat goufen am Service BU
- d'Laufbahn vum conducteur de manoeuvre (CDM) gouf zum Positiven ugepasst an den Effektiv gouf no uewen ugepasst
- d'Schaffe vun enger eegener Filière fir d'Chef de Surveillance
- d'Aféiere vun der Filière spécialisée «régulateur sous-station»
- Verbesserungen am Fin de Stage Exame bei de Fahrdienstleiter
- d'Aféiere vun Tableaux de Service, déi de Kolleeg:innen méi Planungssécherheet a méi gereegelt Aarbechtszäite garantéieren
- e konstante Suivi iwwert d'Handhabung vun den Tableaux de Service
- eng zäitno Informatioun mat allen abléckleche Mesurë wärend der Pandemie
- PAT goufe wärend der Pandemie vun hire Kontrollgäng duerch den Zuch dispenséiert
- d'Ofspäre vun den 2 éischte Setzreien hannert dem Chauffer an d'Eraklammen zum hënneschten Deel vum Bus als direkt Schutzmoossnam wärend der Pandemie am Service BU

- Kloerheet a punkto Transfert an d'B-Karriär
- d'Aféiere vun der Prime d'encadrement fir Chef de Brigade am Service TM
- de Patron de Stage krut fir déi Missioun 9 Punkte bäi a sengem Gehalt



**20 STËMME FIR DE SYPROLUX**

**LËSCHT 5**